N°2109
Entrée le 19.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sport & Wirtschaft weiderzeleeden.**

An engem rezenten Interview huet de Sportminister et bedauert dass et keng statistesch Zuelen iwwer de Sport zu Lëtzebuerg géif ginn an hien dowéinst un den Direkter vum STATEC erugetruede wär. Elo ass et awer esou, dass am Dezember 2021 schonn déi sougenannte Satelittenkonten am Sport („compte satelittes du sport") vun de Joren 2016-2020, an Zesummenaarbecht ebe mam STATEC, publizéiert goufen. No ville Beméiungen an och groussen Investissementer ass eng Method opgestallt gi fir d'Resultater vun de Satellitenkonten all Joers kënnen ze publizéieren. Och ass deemools an deem Kader eng interessant Etüd iwwert de Benevolat am Sport publizéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat sinn zanter dem Joer 2021 keng weider Satellitenkonten publizéiert ginn, wëssend, dass dës interessant Zuelen iwwer de Sport zu Lëtzebuerg ervirbruecht hunn ?

2. Gedenkt d'Regierung des Satellitenkonten, mat der Hëllef vum STATEC, erëm opzestellen an esou ënnert anerem d'Evolutioun vun 2021-2024 siichtbar ze maachen?
    - Wann nee firwat net ?
    - Wann jo , gedenkt d'Regierung des Satellitenkonten dann nees fir all Joer opstellen ze loossen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten